

setzen, dass dat dann d'Méiglechkeet wär, fir anert Personal an d'Schoulen ze kréien.

Meng Virstellung ass, dass eigentlech all gréisser Schoul iwwer eng Équipe disposéiert, mat där se kann eben alles en charge huelen, wat esou ufält, an dass d'Leit net musse vun enger Plaz op déi aner fuere fir Hëllef ze kréien. Do si mer awer nach net. Dat do ass d'Visioun à moyen terme.

À court terme hu mer Leit, déi wéi gesot an der Édïff administrativ rattachéiert sinn an am Centre de logopédie, an dofir gesäit den Artikel 69 vir, dass mer elo dat Personal, wat mer hunn, organiséieren an Équipes multiprofessionnelles. Dat heescht, dass an all Arrondissement vum Inspektorat op d'mannst eng Équipe multiprofessionnelle ass, dass also all Inspekter weess, wat ass main Interlocuteur.

Well de Moment ass et jo esou, dass en Inspekter heiansdo mat dräi Services de guidance ze dinne huet, dass op d'mannst een Interlocuteur do ass. Dat gesäit och esou aus, dass dann déi Leit vum Service de guidance a vum SREA-Service ambulatoire an Équipes zesummegeschloss ginn, dass se verdeelt ginn an d'Arrondissementen an dass mer elo amgaang sinn ze diskutéieren, fir dat Personal, wat mer hunn, esou regional ze verdeelen, dass mer an all Équipe déi Profiler hätten, déi mer brauchen.

Dat hu mer awer wahrscheinlech net, well mer jo zum Beispill, de Moment hu mer 18 Arrondissementen vu Logopedie, an der Zukunft kréie mer 20 Arrondissementen Inspektorat. Dat heescht, de Moment ass an deenen 18 Arrondissementen vun der Logo iwwerall en hallwe Professeur de logopédie, wat jo och net vill ass. Mir hunn awer eenzel Gemengen, déi hunn Orthophonisten agestellt. Dat heescht, mir sinn elo amgaang den Inventaire ze maache vun all deene Ressourcen, déi mer hunn, a se dann emol ze verdeelen op déi 20 Arrondissementen, déi mer vum 15. September u kréien. Deen Exercice ass elo amgaang.

Ech wëll da soen, dass d'Missioun vum deenen Équipes multiprofessionnelles vum Gesetz hier définiert sinn. Si sinn do fir en Diagnostic ze maachen. Dat war jo eigentlech elo d'Aufgab vum Service de guidance zu engem Deel, respektiv vun anere Servicer. Si sinn do fir eng Prise en charge ze maache vun deene Kanner, déi mer définiert hunn als «enfants à besoins éducatifs spéciaux».

An da si se och do, an dat ass eigentlech eng wichteg Aufgab, vun där ech mer och vill erwaarden, well se méi no bei de Schoule sinn, dass se Conseilen den Enseignanté ginn, déi ebe Kanner an der Klass hunn, déi deen een oder aneren Typ vu Problemer presentéieren. Dat sinn déi dräi Missiounen, woubäi déi drëtt, de Conseil aux enseignants, eigentlech eppes Neies ass, wat bis elo net esou énnert där Form vun deene Leit, déi bis elo do waren, gemaach ginn ass.

Dofir gesäit d'Gesetz jo och vir, dass all Équipe pédagogique sech op d'mannst eemol am Trimester mat op d'mannst engem Member vun der Équipe multiprofessionnelle soll gesinn, fir eben iwwer Kanner ze schwätzen, wou e Problem ass. Den Artikel 28 gesäit och vir, dass déi Équipes multiprofessionnelles eng regelméisseg Präsenz an de Schoule garantéieren. Dat ass also d'Zil an och d'Organisation, wéi se elo virgesinn ass.

Ech wëllt eppes soen zu deenen Diskussiounen: Fir wie sinn déi Leit do? Also, mir hunn am Gesetz och eng Définition vun den «enfants à besoins spécifiques». Dat ass e Kand, wat weinst senge Particularitéiten mental, charakteriell, sensoriell oder motoresch de Socle de compétences net an deenen dräi Joer erreicht. Dat heescht also, dass dat eng relativ vast Définition ass.

Mir hunn net wéi aner Länner Kategorië vu Besoinen définiert oder vun Handicap, well mer eis eigentlech net doriwwer eens sinn, a well och vill Leit a vill Pedagogie besonnesch soen, et ass net gutt, Kanner an eng Kategorie anzeklasséieren. Dat géif natierlech de Calcul vun de Besoinen an deem Sënn erlichteren. Wann ee weess, ech hunn esou vill Kanner vun deem doten Typ, an deen huet e Recht op esou vill Stonnen, da

weess ech, da kann ech besser moossen, wat de Besoin ass.

Mir stellen awer fest an deene Joren, an ech menge jiddwereen, deen a Kontakt ass mat der Schoul, dass et ëmmer méi Kanner gëtt, déi eigentlech net am classesche Sënn en Handicap hunn, mä déi ganz grouss Comportementsschwieregkeeten hunn. Dat si Kanner, déi eigentlech Schoulen an den Enseignanten an de Klassen déi meeschte Problemer stellen, wou mer sécher en aneren Typ vun Intervenanté musse kréien, a wou och wichteg ass, dass d'Équipes an d'Schoule Preventioun vu Violence maachen. Do hu mer eng ganz Offer, déi mer de Schoule kënnen zur Verfügung stellen. Also, et ass scho geduecht, dass mer all déi Ressourcen, déi et gëtt, zesumme kréien, fir eben de Schoulen ze hëllefen.

Also, fir ze résuméieren: Dat Personal, wat an der Édïff ass, bleibt administrativ rattachéiert an der Édïff. Déi Leit vum Service de guidance a vum SREA, déi ginn opgedeelt an Équipes multiprofessionnelles, si ënnerstinn administrativ weider der Édïff, mä si stinn an hire Fonctiounen, an der Exekutioun vun hire Aarbecht énnert der Responsabilitéit vum Inspekter, well den Inspekter jo de President ass vun der Commission d'inclusion scolaire. An all Kand, wat eng Betreuung oder eng extra Prise en charge kritt, geet duerch d'Commission d'inclusion scolaire, an déi décidéiert dann, wéi eng Ressourcen zur Verfügung stinn.

An déi Équipes multiprofessionnelles kënnen niewent deene Leit, déi mer dann also elo hunn - SREA, Service de guidance -, sollen dann opgedeelt ginn, och déi regional Ressourcë vun de Centres de logopédie, déi Instituteurs spécialisés respektiv anert Personal, wat an de Gemenge schon ass. Do si mer amgaang en Inventaire ze maachen. Deen hu mer elo net. Ech kann lech dat haut nach net soen, well mer amgaang sinn déi Donnéeën alleguerde vun de Gemengen an och vun der Schoulorganisatioun ze kréien.

Da wollt ech nach soen, dass et mir relativ kloer ass, och wa mer elo de ganzen Inventaire gemaach hunn a mer dann d'Équipë constituéiert hunn, dass mer sécher net un eng Dramsituatioun erukomme fir d'Betreiung vun de Kanner. Dat kann ech mer am Moment jiddefalls net virstellen. Mä ech stelle mer awer vir, dass mer iwwert déi nächst Joren, mir sinn amgaang e Plang ze maachen, fir ze soen, wat wär dann d'ideal Offer déi mer kéinten an den Arrondissementen an an de Schoulen offréieren.

Meng Virstellung ass zum Beispill, dass mer an all Arrondissement op d'mannst eng Klass vu Logopedie hätten. Mir hunn der de Moment dräi regionaler am Land, zwou am Norden an eng am Osten, an ech denken, dass een esou Klasse kéint multiplizéieren, well mer gesinn, dass dat éischters de Kanner de Wee erspuert fir wäit ze fueren an eng Classe de logopédie bis an d'Stad, an zweetens ganz positiv Retombéeën huet op déi Équipe, wou déi Classe de logopédie dran aktiv ass. Well dann déi aner Enseignanté soen: „Hei, komm eng Kéier kucken, wat kann ech eventuell mat de Kanner maachen?“ Déi Iddi vum Conseil.

An esou géif ech mer virstellen, dass all Équipe an der Zukunft ebe Logopedie-Leit, Spezialisten an der Psychomotorik, Heilpädagogen, dass mer déi esou opstocken, dass mer dat Zil, wat do ass, fir dass all Kand dee Support an déi Hëllef an déi Ënnerstëtzung kritt, fir dass et sech ka qualifizéieren an an der Schoul weiderkommen, kënnen errechen.

Dat ass d'Aarbecht vun deenen nächste Joren, déi do muss weidergoen. Ech wollt nach just soen, well oft eng gewësse Konfusioun ass, also, d'Eltere behale weider d'Recht ze décidéieren, ob hiert Kand an eng Klass integréiert gëtt oder ob et wëllt an de Centre Édïff goen. Ech mengen, do war ee Moment e gewëssene Flou. Den Artikel 33 seet ganz gutt, wann d'Elteren net d'accord si mat engem Plan de prise en charge, da kënnen se e Recours dergéint maachen, a si bleiwe Meeschter wou d'Kanner integréiert sinn.

Eist Zil ass et natierlech fir d'Kanner allegueren an d'Schoul ze integréieren, esou laang an esou wäit wéi d'Eltere sech dat wënschen. Ech mengen, dass mer do um gudden Wee sinn, dass mer sécher nach net um Enn vun engem Wee sinn, mä dass mer müssen och déi Ressourcen, déi mer hunn - an dat ass awer och en Appel, deen ech géif maachen -, emol esou effizient wéi méiglech asetzen, fir hei iwwerall am Land déi Qualitéit an der Schoul ze garantéieren, déi d'Leit eigentlech vun der öffentlecher Schoul sech kënnen a müssen erwaarden.

Just ee lescht Wuert: An der Édïff ass jo dann d'Personal, wat an den Édïff-Schoule

schaft, also déi, déi net an d'École fondamentale intervenéieren. Déi, déi am Service de guidance an am SREA sinn, déi hanken allegueren zesummen administrativ vun der Édïff of. Ech halen dat och fir interessant, well et muss méiglech sinn, dass een, deen an enger Schoul vun der Édïff ass, och eng Kéier wiesselt an den Ambulatoire, an ëmgedrënt, een, deen am Ambulatoire ass, och kann eriwergoen an eng Schoul.

Sou dass ech, mengen ech, jiddefalls - ech hoffen, dass ech lech eng Rei vu Froen haut konnt beäntweren. Mir sinn amgaang, fir déi Règlements grand-ducaux an haapt-sächlech déi Instruktiounen un d'Centres Édïff, un d'Direktioun vun der Édïff an un d'Inspektorat. Mir sinn eis elo eens ginn op d'Opdeelung vun den Arrondissementen, well dorunner hënt jo och d'Opdeelung vun den Équipes multiprofessionnelles, déi sech dann an enger Region müssen en Headquarter - wann ech dat kann esou soen -, eng Plaz, wou d'Eltere sech kënnen wenden a wou dann och d'Leit aus der Équipe multiprofessionnelle mat dem jeeweilegen Inspekter kënnen sech zesummen organiséieren.

Ech soe Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Ministre. Den nächste Punkt op eiseem Ordre du jour ass de Projet 5909 iwwert d'Kreatioun vun engem Établissement d'enseignement secondaire technique zu Mamer. De Rapporteur, den honorabelen Här Negri, huet elo d'Wuert.



2. 5909 - Projet de loi modifiant la loi du 18 juillet 2001 portant

1. création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer

2. modification de la loi du 3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mamer Lycée Technique Josy Barthel huet am September 2003 seng Dieren um Tossebiereg zu Mamer opgemaach. De Mamer Lycée technique ass de Moment a sengem sechste Joer a Betrib. An dem aktuelle Schouljoer 2008-2009 sinn 1.192 Schülerinnen a Schüler ageschriwwen. De Mamer Lycée ass per Gesetz vum 18. Juli 2001 entstan a krut offiziell den Numm Lycée Technique Josy Barthel, ofgekierzt LTJB.

Dem Gesetz vum 2001 no kann den LTJB folgend Klassen ubidden: 1. d'Division inférieure vum Enseignement secondaire classique vu Septième bis Cinquième; 2. de Cycle inférieur, moyen a supérieur vum Enseignement secondaire technique vu Septième bis Douzième respektiv Treizième; an 3. de Régime préparatoire vum Enseignement secondaire technique.

D'Schülerinnen an d'Schüler aus dem Enseignement secondaire technique kënnen bis zu hirem Ofschloss am Mamer Lycée technique bleiwen, mat de Filiären Technique général am Régime technique, Génie civil am Régime de la formation de technicien oder Bâtiment am Régime professionnel. Dëst am Géigesaz zu hire Kolleginnen a Kollegen aus dem classeschen Enseignement secondaire, wou d'Schüler no der Cinquième hir schoulesch Ausbildung net méi am Mamer Lycée technique weiderfuere kënnen. De Moment muss sech dës Studenten d'office an engem anere Lycée, am Prinzip an der Haaptstad, aschreiwen, fir hir Diplomaarbecht an hiren Ofschloss bis zur Première an der Division supérieure ze maachen.

Am Kader vun engem Projet pédagogique kruten d'Schüler aus dem Mamer Lycée technique awer vun der Éducationministesch d'Recht accordéiert, dat éischt Joer vun der Division supérieure, dat heescht d'Quatrième, oder och nach Classe polyvalente genannt, am Mamer Lycée ze maachen. D'Quatrième ass dat sougenannten Orientationsjoer, wou d'Studenten op der Troisième op de Sektionen A, B, C, D, E, F a G weiderstudéieren. Et ass pedagogesch gesi besser, wann d'Schüler an deem Lycée fir d'Troisième orientéiert ginn, wou si schonns een oder e puer Joer an d'Schoul gaange sinn. Duerfir ass dës Ausnahmeregelung och begrëssenswäert. Si weist awer zugläich de Problem, dass et net gutt ass, während enger Filière d'Schoul wiesselen

ze müssen, fir de Premièresdiplom ze kréien. Dat bréngt onnéideg Akklimatisatiouns- an ënner Ëmstänn Akzeptanzproblemer mat sech, déi ee vu virera sech erspuere kann.

Här President, de Projet de loi 5909 vun haut gesäit duerfir vir, d'Offre scolaire am Mamer Lycée technique ze erweideren duerch d'Aféierung vun der Division supérieure am Enseignement secondaire classique. De Moment sinn am Allgemengen d'Opfangcapacitéiten vun deene Lycéeën, déi och d'Division supérieure vum Enseignement secondaire classique ubidden, esou lues a lues ausgereizt. Dëst arrangéiert also d'Kreatioun vun der Division supérieure zu Mamer. En plus weisen d'Analysen aus dem Éducationministère ganz kloer, dass déi lescht Jore sech ëmmer méi Kanner aus dem sechste Schouljoer an de Lycéeën vum Enseignement secondaire classique aschreiwen. Et besteet also akuten Handlungsbedarf, fir d'Offre scolaire am Enseignement secondaire classique auszebauen.

Am Kader vum Projet de loi 5782 portant création d'un lycée à Junglinster, dee mer den 10. Juli 2008 hei an der Chamber gestëmmt hunn, gouf och eng Motioun gestëmmt, déi vum President vun der Éducationskommissioun, dem honorabele Kolleeg Jos Scheuer, deponéiert gouf...

» **Une voix.** - Très bien!

(Interruption)

» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Voilà!

...a wou d'Regierung opgeruff gouf, jee no Bedarf och déi iewescht Klasse vum Enseignement secondaire classique an deenen neie Lycéeën an an deene bestehende Lycées techniques unzebidden. De Gesetzprojet vun haut dréit där Motioun also Rechnung.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass niewent der Division inférieure Septième bis Cinquième och d'Division supérieure Quatrième bis Première zu Mamer am Enseignement secondaire classique ugebuede ka ginn. Theoretisch kann all Sektioon zu Mamer am Lycée organiséiert ginn. D'Entscheidung, wéi eng Sektioenen an der Division supérieure ugebuede ginn, läit am Endeffekt beim Éducationminister an hënt sécherlech dovun of, wéi vill Schüler sech fir déi verschidde Sektioone melle wärten.

Här President, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet a sengem Avis dorop higewisen, dass een aus Käschtgrënn soll Virsiicht walte loossen, wat d'Offer vun deene verschiddene Sektioone betrëfft. De Statsrot huet sech méi Transparenz gewënscht, wat elo d'Kritären ugeet, no deenen d'Sektioenen ugebuede ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Här President, eng Konsequenz aus dem erweiderte schouleschen Ugebuet vun der Division inférieure op d'Division supérieure am Enseignement secondaire classique zu Mamer ass, dass den Numm vum Lycée zu Mamer licht geännert gëtt. De Lycée Technique Josy Barthel heescht an Zukunft offiziell Lycée Josy Barthel, ofgekierzt LJB. Dëst ass och esou bei anere Lycéeën, déi souwuel d'Filière classique an d'Filière technique ubidden, wéi zum Beispill dem Lycée du Nord oder dem Lycée Aline Mayrisch.

Domat kréie mir eng Aart Gesamtschoul, zwar strukturell getrennt, mä ënner engem Daach, wat d'intern Mobilitéit vun de Kanner à terme verbessert. Et ass pedagogesch wichteg, dass an dëse Lycéeën, wéi mer dat elo am Mamer Lycée maachen, déi zwou Filière Secondaire technique a Secondaire général classique vun ënne bis uewen an engem Gebai zesummen ze hunn, an doduerch d'Iwwergang vun enger Filière an déi aner och während der ganzer Schoulzäit méiglech ginn. Ech wëll der Éducationministesch Mady Delvaux félicitéieren, dëse Schrëtt och elo am Mamer Lycée...

(Interruptions diverses)

...mat dem Projet de loi vun haut anzeleeden.

Här President, ech wëll lech e puer praktesch Erfahrungsleiwieren, wat d'Ëmsetzung vum Gesetz vum Mamer Lycée vun haut betrëfft. De Moment si 47 Schüler op Quatrième am Mamer Lycée ageschriwwen. Eng informell Enquête zu Mamer am Lycée huet erginn, dass déi meescht vun hinnen d'nächst Joer op eng Troisième C, D oder G goe wëllen. Ab dem nächste Schouljoer 2009-2010 wärten also dës dräi Sektioenen dann am Mamer Lycée ugebuede ginn.

Jeudi,
19 mars 2009

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Roth. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Eugène Berger (DP)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann e Schüler mat sengen Elteren no der Grondschoul e Choix mécht, fir an e Lycée hei zu Lëtzebuerg ze goen, da mécht en dat gewéinlech no verschiddene Kritären. Dat hänkt dann domadder zesummen, wou déi Schoul läit. Wa méiglech kuckt ee jo dann, eng Plaz ze fannen, déi an der Proximitéit läit, no bei der Uertschaft, wou ee wunnt, respektiv wou een e gudden Transport huet, en öffentlechen Transport, fir dohinner ze kommen. Dat hänkt eventuell och dovunner of - dee Choix - vum pedagogesche Konzept vun där Schoul. Eventuell wëllt de Schüler méi nei Approchen an der Schoul hunn, oder et si speziesch Schoulprojeten, déi hien interesséieren.

De Choix hänkt och eventuell dovunner of, wéi den Horaire vun där Schoul ass, ob eventuell zousätzlech Offeren an där Schoul sinn, wéi zum Beispill d'Ganzdagsschoul. Ganz sécher hänkt dee Choix awer och domadder zesumme mat dem Fait, datt ee kann dann awer, wann ee bis an de Lycée geet, do seng ganz Lycéesschoulcarrière kann an engem an deemselwechte Gebai maachen. An dat ass an der Vergaangeneheet u sech, wann een esou e Choix als Schüler gemaach huet, net esou problematesch gewiescht, wann een an de Lycée technique gaang ass. Dat war awer op där enger oder anerer Plaz méi problematesch, wann ee wollt de Lycée classique maachen, well net iwwerall an alle Schoulen de ganzen Zyklus ugebuede ginn ass.

Dat sinn déi Iwwerleeungen, déi een aus der Siicht vum Schüler, vun den Eltere ka verstoen, novollzéien, well ee jo eben net wëllt no dräi oder véier Joer dann d'Schoul wiesselen, wou ee sech da vläicht an enger Schoul wuelfilt, wou ee muss en neien Horaire sichen, fir mam Bus ze fueren, an esou weider.

An och aus der Siicht vun der Organisatioun an der Koordinatioun vun de Schoulen insgesamt an eisem Land ass dat och net ëmmer ideal. Well et ass jo esou, wann dann déi Schüler an engem Lycée sinn, wou net déi ganz Zyklen ugebuede gi vum Secondaire classique, datt se jo dann zu iergendengem Moment an eng aner Schoul mussen goen, respektiv sinn dann aner Schoulen, déi da fir de Cycle supérieur nei Schüler kréien, wou se awer vläicht och schonn dann e bëssen an der Quëtsch sinn, oder wou se net ganz vill Plaz hunn, well mer hu jo eng Situatioun hei zu Lëtzebuerg, datt mer an all de Gebaier ganz vill Schüler hunn an datt am Fong geholl nach mussen nei Gebaier praktesch gebaut ginn. Et ass also fir kee Lycée besonnesch interessant, fir dann déi Schüler vu baussen eraus nach dobäi opzehuelen.

Bon, ech hu versicht dës Iwwerleeungen ze féieren, ouni elo speziesch e Gebai ze erwähnen. Ech hunn den Numm nach net genannt vum Lycée, fir nëmme feststellen, datt et eng Rei valabel Argumenter gëtt, souwuel aus der Siicht vum Schüler a vun den Elteren wéi awer och aus der Siicht vun der Education nationale, fir eben ze kucken a méi generell op de Wee ze goen, fir an all Secondaireeschoulen hei am Land d'Méiglechkeet unzebidden, jee no Besoin fir eben da Cycles supérieurs ze organiséieren.

Duerfir hat och d'Éducationskommissioun bei enger vun deene leschten Diskussiounen an der Chamber iwwert den neie Lycée vu Jonglënster op eng Initiativ - ech verheemlechen net, datt et eng Initiativ vun de Membere vun der demokratescher Fraktioun an der Kommissioun war -, eng deementsprechend Motioun presentéiert, déi och eestëmmeg am Plenum ugehall gi war.

Ech kommen da méi speziesch op de Projet vun haut, wou et jo ëm de Lycée Technique Josy Barthel vu Mamer geet a wou déi Argumentatioun, déi ech also elo grad gefouert hunn, sécherlech och ganz gutt drop passt.

Dobäi muss ee sech awer froe respektiv muss een och soen, datt mer eis déi Aarbecht haut hei hätte kënnen spueren. Well, wéi 2001 déi viregt Unterrechtsministerin,

Am Fall vun dem Mamer Lycée kënnt speziell derbäi, dass d'Bevölkerung an de Westgemenge vun dem Land iwwert déi lescht Joren iwwerduerchschnéttlech gewuess ass. Dat aktuellt Gebai vum Lycée huet 54 Klassesäll a 16 Atelieren. Et wäert deemno mëttelfristeg sécherlech net all Sektione vun dem Secondaire classique kënnen ophuelen.

D'Ministesch huet an deem Kontext an der Educationskommissioun ënnerstrach, dass en Ausbau vun dem Lycée zurzäit keng Prioritéit ass. Plaz wier mat engem Areal vun iwwer 5,66 ha sécher do. D'CSV kann d'Ausso vun der Ministesch awer novollzéien. Schliesslech gëtt et aner Regiounen am Land, déi iwwerhaupt nach kee Lycée hunn. An deem Kontext ass et fir d'CSV wichteg, dass Accorden tëschent dem Mamer Lycée an anere Lycéeën an der Émgéigend getraff ginn. D'Schüler, déi op eng Sektion ginn, déi net zu Mamer ugebuede gëtt, mussen virun deem wëssen, wou si prioritär hir Studië kënnen an dem Uewergrad da viruféieren.

Här President, fir d'CSV mécht d'Aféierung vun dem Uewergrad an dem Josy-Barthel-Lycée och Sënn aus landesplanerescher Siicht. De Vicus Tossebierg war bei de Réimer net nëmme weinst senger schéiner Lag beléift, e louch direkt un enger Haaptverkéiersachs. Dëst ass haut net anescht. Den Tossebierg wäert an Zukunft e richtige Schoulcampus am Weste vum Land ginn. Symbolesch passt et deemno och gutt, dass dese Gesetzesprojet gestëmmt gëtt ronn 14 Deeg virun dem Spuetstéch vun der zweeter Europaschoul op dem Tossebierg.

D'Mobilitéit gëtt och duerfir haut do groussgeschriwwen. De Site ass duerch den öffentlechen Transport souwuel iwwer Bus a Bunn licht ze erreechen. Den nationale Véloswee PC13 féiert och dolaanscht. Den zousätzlechen Zuch, deen 2002-2003 op 200 Meter Loftlinn vun dem Schoulcampus aménagéiert gouf, kritt hei eng nach méi grouss Bedeitung. Effortë bleiwen awer ze maachen un enger Buslinn, déi onënnerbrach vu Stengefort bis an d'Stad iwwert d'N6, also d'Areler Strooss, muss féieren.

Här President, d'CSV ënnerstëtzt d'Regionalisatioun vun der Lycéeslandschaft ausdrécklech. De Schoulwee an de Lycée ass méi kuerz. Et gëtt och eng regional Identitéit, e bessert Versteesdemech an der Schülergemeinschaft geschaf. Et ass an deem Sënn och zugläich Erausfuerderung a Flicht vum Stat an de Gemengen aus der Géigend vun de regionale Lycéeën zesummenzeschaffen. Dës Synergie notzt dem Image vun de jeeweilege Lycéeën.

Et ass virun allem e Plus fir d'Bierger. Öffentlech Infrastrukturen, déi vum Stat oder de Gemengen, gehéieren der Allgemengeheet. Sportsinfrastrukture vun engem regionale Lycée mussen ausserhalb vun dem Schoulbetrib och vun den Awunner aus der Émgéigend kënnen genotzt ginn. Grad elo sinn Investissementer vun 100 Milliounen Euro a méi soss ze deier.

Am Fall vu Mamer klappt dës Zesummenaarbecht zwëschent Lycée a Gemeng gutt. Dës Kooperatioun gouf vun Ufank u mat ageplangt an enger Konventioun och esou festgehal. D'Piscine an d'Sportshal si fir d'Bierger a fir d'Veräiner ausserhalb vun der Schoulzäit op, am Géigenzuch benotzen d'Schüler aus dem Lycée d'Sportsinfrastrukture vun der Mamer Gemeng.

Här President, d'CSV begréisst, dass de Gesetzesprojet virgesäit, dass de Mamer Lycée elo offiziell net méi Lycée Technique Josy Barthel, mä ganz einfach Lycée Josy Barthel Mamer heescht. Eigentlech ass dat nëmme méi gesetzlech Kosmetik, well op de Stroosseschëlde de Baisaz „Technique“ schonns laang net méi dropsteet.

» **Une voix**.- Aha!

» **M. Gilles Roth (CSV)**.- Déi zwee Mamer Sportsgréissten Nic Frantz a Josy Barthel fanne sech deemno würedg op dem neie Schoulcampus Tossebierg geéiert, well d'Sportshal vun dem Mamer Lycée den Numm Nic Frantz dréit. D'Zoufahrtsstrooss zu dem neie Schoulcampus ass iwwregens d'Rue Gaston Thorn.

Här President, ech wëll an dësem héijen Haus net elo an de Lokalpatriotismus verfallen.

(*Brouhaha général*)

Ech sinn awer houfreg drop, dass eng laangjäähreg Fuerderung vu ville Leit aus dem Weste vum Land an och vu mir selwer, net zulescht als Mamer Buergermeeschter, haut Realitéit gëtt.

Ech ginn an deem Sënn och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Här President, ech wëll ofschléisse mat engem décke Merci u meng dräi LSAP-Kollegen aus der Educationskommissioun, dem President Jos Scheuer, John Castegnaro a Bim Diederich,...

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur**.- ...déi esou fein waren, mir als Mamer Bierger de Rapport vun dësem Projet de loi ze iwwerloossen, a ginn och domat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

(*Brouhaha général*)

» **M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Da kritt d'Wuert den honorabelen Här Gilles Roth.

(*Brouhaha général*)

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Dat ass awer elo schwéier ze toppen!

Discussion générale

» **M. Gilles Roth (CSV)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

(*Brouhaha général, hilarité et coups de cloche de la Présidence*)

...gutt Projekte brauchen zu Lëtzebuerg ëmmer e bësse méi laang Zäit, bis se verwierklecht ginn, sot de 9. Juni 1999 den deemolege Bauteminister Robert Goebbels bei dem Spuetstéch vun dem Mamer Lycée.

Dës Ausso treëft manner op d'Gebai vun dem Lycée Josy Barthel op dem Mamer Tossebierg zou. E bleift bis haut dee Lycée, deen am schnellsten am Land gebaut gouf. Recht huet de Minister awer behal, dass et zéng Joer gebraucht huet, bis dass enger laangjäähreger Fuerderung vun de Gemeengeverantworthechen aus dem Weste vum Land nokomm gouf, nämlech den Uewergrad an dem Secondaire classique am Lycée Josy Barthel anzeféieren. Mat dem Gesetzprojet 5909 gëtt dat dann elo Realitéit, an ech soen och duerfir dem Rapporteur Roger Negri Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht.

(*Interruption*)

Här President, den 30. Dezember 1998 hate ganzer zéng Buergermeeschteren, an zwar déi vu Mamer, Bartreng, Stroossen, Habscht, Kielen, Koplescht, Kënzeg, Käerch, Garnech a Simmer sech un d'Regierung gewant, fir direkt an dem Mamer Lycée den Uewergrad an dem Secondaire classique anzeféieren.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Gilles Roth (CSV)**.- Dës Fuerderung gouf och deemools an engem offizielle Schreiwes vun der Proffegewerkschaft, der APESS, ënnerstëtzt. Mä de Choix vun der deemoleger Regierung an där duerno sollt net an déi Richtung goen. Mamer sollt fir d'éischt de Lycée vun den neien Technologië ginn. Et gouf dunn de Lycée fir d'Bau-fach an dem Beräich vun dem Secondaire technique mat den ënnerschiddlechen Zyklen an dem ënneschten Zyklus an dem Classique.

Här President, d'Attraktivitéit vun engem Lycée hänkt enk mat der Schouloffter zesummen. Dëst ënnersträicht iwwregens och de Plan sectoriel «Lycées». D'Tatsaach, dass kee kompletten Zyklus an dem Secondaire classique vun Ufank un am Lycée Josy Barthel ugebuede gouf, huet vill Schüler aus dem Weste vum Land dozou beweegt, fir sech an aner Lycéeën, besonnesch op dem Geesseknäppchen an der Stad anzeschreiwene. Sou war dann e spéidere Wiessel am Laf vun der Studienzäit net méi néideg.

Trotz villen Effortë vun der Direktioun vum Mamer Lycée huet seng Attraktivitéit dach dorënner gelidden. Mat dem Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, soll sech dat dann elo zeguttst änneren. D'Schouloffter gëtt ausgebaut an d'Attraktivitéit vum Mamer Lycée gëtt méi grouss.

Här President, fir d'CSV berechtegt och déi generell steigend Schülerzuel am Secondaire classique d'Schafe vun dem ieweschten Zyklus an dem Mamer Lycée. Dem Exposé des motifs vun dem Gesetzesprojet no waren am Schouljoer 2007-2008 landeswäit iwwer 12.200 Schüler an dem Secondaire classique ageschriwwen. Dat sinn 2.300 Schüler oder - méi däitlech - d'Schoulpopulatioun vun annerhallwem Lycée méi wéi nach fënnef Joer virdrun.

Et gëtt geschat, dass a fënnef Joer ronn 300 Schüler méi pro Klassejoer wäerte landeswäit dobäikommen. Zum bessere Vergläich sief gesot, dass am Schouljoer 2007-2008 222 Schüler op sämtleche Septiëmen am Stater Kolléisch ageschriwwen waren.

Wat d'finanziell Käschte vun dësem Gesetzeprojet betrëfft, esou muss een ervirsträichen, dass déi aktuell Infrastrukturen an Équipementen am Mamer Lycée et erméiglechen, déi verschidde Sektiounen ouni zousätzleche finanziellen Impakt ze organiséieren. Verschidde Branchen iwwerschneide sech a kënnen och gemeinsam enseignéiert ginn. Et entstinn also keng zousätzlech Käschten, esou wéi dat de Statsrot a sengem Avis nogefrot huet.

Doduerch, dass d'Schüler aus anere Lycéeë sech och an der neier Division supérieure zu Mamer aschreiwe kënnen, ginn aner Lycéeën entlaascht. De Mamer Lycée ass nämlech geographesch gutt placéiert, fir Schüler aus deene méi staark bevölkerte Gemenge wéi Mamer, Bartreng, Stroossen, Kielen a Stengefort, awer och vun Dippech, Habscht, Garnech, Käerch, Kënzeg, Koplescht, Leideleng, Reckeng a Simmer ophuelen ze kënnen, also dem ganzen zentrale Weste vum Land.

Här President, de Mamer Lycée um Tossebierg zwëschent Mamer a Bartreng ass vun der Areler Strooss ze erreechen, iwwer eng Strooss, där d'Mamer Gemeng den Numm vum verstuerwene Statsminister Gaston Thorn ginn huet.

(*Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence*)

De Mamer Lycée läit absolut IVL-konform. En ass gutt un den öffentlechen Transport ugebonnen, engersäits mat engem ganz neien Zucharrêt, deen nëmme 500 Meter vum Lycée ewech läit, an anerersäits mat enger Busgare virum Mamer Lycée, an och flotten, moderne Busarrëten an zwou Direktiounen op der Areler Strooss, an déi a Richtung Lëtzebuerg via eng separat Busspur duerch Mamer bedéngt ginn.

De Mamer Lycée huet sech och gutt an d'Lokalitéit Mamer integréiert a stellt eng Plus-value a puncto Liewensqualitéit fir d'ganz Gemeng Mamer duer. Esou brauchen d'Kanner elo net méi all an d'Stad ze fueren, fir no der Primärschoul hir Studië weiderzeféieren, an droen domat wéi gesot zu enger Entlaaschtung vun de Schoulen aus der Stad bäi. Och verkéiersméisseg stellt d'Proximitéit vun Mamer Lycée e groussen Avantage fir Mamer duer. An de Mamer Lycée huet opgrond vun der gudder Kooperatioun mat der Mamer Gemeng och Avantage fir d'Leit aus der Gemeng. All Owend an der Woch a Samschdeg moies kann d'Piscine vum Mamer Lycée vun de Leit aus der Gemeng Mamer an Émgéigend benotzt ginn.

» **Plusieurs voix**.- Ah!

(*Interruption et hilarité*)

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur**.- Och d'Sportveräiner profitéiere vun der flotter Sportshal vum Mamer Lycée.

» **Une voix**.- Très bien! Très bien!

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur**.- Concertë vun der Mamer Musek sinn och schonn an deem flotte Festsall vum Mamer Lycée ofgehale ginn. En contrepartie profitéieren d'Schüler vum Mamer Fussballsterrain a senger Lafpist ronderëm den Terrain.

De Moment gëtt niewent dem Mamer Lycée déi zweet Europaschoul gebaut fir ronn 3.500 Leit. Wann een déi zwou Schoulen um Campus Tossebierg zesummenzielt, wäerten ab 2011, 2012 ronn 5.000 Leit während dem Dag do liewen. Dat sinn der ronn esou vill wéi der zu Mamer - ganz genau sinn et der de Moment 5.272 - selwer wunnen. An der ganzer Gemeng 7.183. Mat der Integratioun dierft dat kee Problem ginn, wunnen dach an der Mamer Gemeng 45,8% Netlëtzebuurger mat 72 verschiddenen Nationalitéiten. Mat dem Bau vun der zweeter Europaschoul an dem Mamer Lycée huet Mamer och seng national Responsabilitéit iwwerholl, wann et heescht Infrastrukture vum Stat ze implantéieren.

Déi eenzeg Suerg, déi mir als Mamer Leit hunn, ass den Autosverkéier, dee mat der Mise en service vun der Europaschoul ganz staark zouhuele wäert.

(*Interruption*)

Fir dee Problem am Grëff ze behalen, huet de Stat via Konventioun der Gemeng zougesot, eng Unterföhrung Richtung Lëtzebuerg an eng Bréck vun der Stad aus iwwert d'Areler Strooss Richtung Campus Tossebierg ze bauen.

Ech wëll nach eng Kéier dorun erënneren, dass mer zu Mamer gär bereet waren, eis national Responsabilitéit ze huelen, ginn awer och dovun aus, dass de Stat mam Bau vun deenen zwee Ouvragen och seng Responsabilitéit hält.

d'Madame Brasseur, de Projet vun der Kreatioun vum Lycée Technique Josy Barthel déposéiert hat, stoung schonn déi Méiglechkeet vun där Ausweidung op e komplette Secondaireszyklus dran, an zwar hätt dat sollen iwwert de reglementaresche Wee erméiglecht ginn. Esou stoung dat an der éischter Versioun vun dem Text vun 2001. De Conseil d'État war domadder net d'accord an huet wéi esou oft dann den Artikel 23 vun der Verfassung invoquéiert, dee seet, datt esou spezifesch Verännerunge missten Objet vun engem spezielle Gesetz ginn.

An dat bréngt mech dann zu menger genereller Remarque, Här President, wat d'Approche an d'Vuë vun der DP an deem Beräich sinn, an dëst konkret Beispill vum Lycée vu Mamer ënnersträicht d'Pertinenz vun eiser Positioun.

Mir sinn der Meinung, datt ee méi eng grouss Souplesse muss kënnen an d'Organisation an d'Strukture vun der Schoul en général erabrénge, an datt een net praktesch - ech géif soen - fir all Detail, ob dat elo pedagogesch Innovatioun sinn, ob dat soss strukturell oder organisationell Changementer an der Schoul sinn, an engem Gebai, datt een dann all Kiéiers muss op de spezifesch Wee vun engem Gesetz goen, nei Gesetzzer schreiwen.

Dat ass an eisen Aen och net am Sënn vun der Autonomie vun der Schoul an dat ass och net förderlech fir d'Dynamik, déi mer an der Schoullandschaft wëllen an déi mer och an eiser Schoullandschaft brauchen.

Duerfir si mir Demandeur, datt den Artikel 23 vun der Verfassung an deem Sënn ofgeännert gëtt. D'Aarbechten an der zoustänneger Kommissioun sinn nach net ganz ofgeschloss, an duerfir d'Demande vu menger Fraktioun, fir datt mir dat also nach kënnen maachen,...

(*Interruption*)

...ier déi Aarbechten ofgeschloss ginn.

» **Mme Colette Flesch** (DP).- Si ginn op dee Wee.

» **M. Eugène Berger** (DP).- Ah, maja, d'Madame Flesch seet mir, si ginn op dee Wee, datt kann een also dann nëmme begreissen.

Dat gesot, kommen ech awer dann zréck op de Lycée, deen de Moment nach Lycée Technique Josy Barthel vu Mamer heescht, fir feststellen, datt dëse Lycée no kuerzer Zäit sech ganz positiv entwéckelt huet an och eng Identitéit fonnt huet, déi attraktiv ass fir déi Jonk, an déi och ganz flott Resultater opzeweisen huet, a wou een och weess - an dat ass immens wichteg -, datt och eng ganz gutt Atmosphär do ass, well eng Qualitéit vun enger Schoul moosst ee jo net nëmme vun de Resultater vun de Schüler, mä och un der gesamter Atmosphär, déi an esou engem Gebai herrscht, dem Zesummeliewen zwëschent Schüler an Enseignanten, an och déi ass laut deem, wat een héiert, ganz gutt. Déi Schoul ass also bis elo wierklech als Erfolg ze bezeichnen. Duerfir ass et jo och nëmme konsequent, datt dann och eng Rei Schüler, wa si d'Méiglechkeet nëmme hunn, da wëllen do weider an deem Gebai bleiwen, fir kënnen hir Sekundarstudien ofzeschlëssen.

Ech mengen, dat ass also elo déi Etapp, déi mir dann elo ugin, andeems mer dat Gesetz haut de Mëtteg hei stëmmen an de Cycle supérieur am Classique do erméiglechen.

Et ass duerfir och logesch a richtig, datt mer den Numm vum Gebai, vun der Schoul ëmänneren, datt en also elo Lycée Josy Barthel heescht zu Mamer.

Mir kënnen...

(*Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence*)

...also mat deene Saachen d'accord sinn.

Ech wëllt awer och net verpassen - ech hat dat am Ufank vergiess -, dem Rapporteur, dem honorabelen Här Negri, dee jo e ganz eminente Bierger aus där Gemeng ass grad wéi den Här Roth, fir deem Merci ze soe fir säin ausféierleche Rapport.

Ech géif also och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet hei abréngen.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam** (DÉI GRÉNG).- Här President, Madame Minister, léif Kolleegeen a Kolleegeinnen, nodeems ech dem honorabele Rapporteur, dem Här Negri, nogelauschert hat, war ech mer net méi esou sécher, ob ech mech op déi richtig Diskussioun agestellt hätt. Ech hu Vicus Tossiebi, Europaschoul, Mobilitéit, Piscine, Mamer Bierger an esou weider héieren. Ech sinn och ganz vill iwwert de Mamer Eck gewuer ginn. Ech hunn d'Nopeschgemenge vu Mamer kenne geléiert.

Ech hat gefaart, mir géifen en zweeten neie Lycée zu Mamer bauen an ech hätt et net matkritt. Nodeems den Här Roth seng Interventioun hat, wosst ech och nach Bescheed iwwert d'Bus-, Zuch- a Vélosweeër.

Duerfir e klenge Rappel: Mir baue keen neie Lycée, keng Zill gëtt geréckelt, mä mir erlaben ebe just, datt och Klasse vum Secondaire dohinner kommen. Och déi Gréng begreissen, datt de Lycée Technique Josy Barthel elo e Lycée Josy Barthel gëtt, datt heescht, datt dat aktuellt Angebot erweidert gëtt ëm de Cycle supérieur vum Enseignement secondaire.

Et sollen also vun der nächster Rentrée un zwou Klasse vun Troisième an de Sektionen C, D a G ugebuede ginn. Am Rapport steet, dat wären déi richtig Sektionen, well eng informell Enquête bei de Schüler dat esou erginn hätt. Mir ginn dervun aus, datt de Lycée sech och nach méi laangfristeg Iwwerleeunge gemaach huet, an duerfir zweifele mer net un deem Choix.

Dës Erweiterung vum Angebot ass méiglech ginn, well duerch den neie Réidener Lycée an den Neibau vum Lycée Technique Mathias Adam e bësse méi kleng Effektiver op de Septième festgestallt goufen.

Prinzipiell si mir jo der Meinung, datt all Lycée muss an deenen ënneschte Klassen all Regime vum Enseignement secondaire a secondaire technique inklusiv dem Régime préparatoire ubidden, en attendant d'Aféierung vun engem Tronc commun fir dës Schüler.

Prinzipiell fanne mir et och richtig, datt all Lycée et méiglech maache soll, verschidden Ofschlëss unzebidden, souwuel am Secondaire wéi am Secondaire technique. Verschidden Ofschlëss, selbstverständlech net all, well soss misste mer Schoule baue vun enger iwwerdrüwener Dimensioun, an esou Schoule wëlle mer net.

Ech erënneren och nach eng kéier un déi vun alle Parteien ënnerstëtzt Motioun vum honorabelen Här Scheuer vum 10. Juli 2008, wou mer d'Regierung invitéiert haten, all neie Lycée an all bestehenden technesch Lycée, wann nëmme méiglech, och mat enger Division supérieure vum Enseignement secondaire opzerüsten.

An ech profitéieren dann och vun der Geleeënheet a falen an de Lokalpatriotismus, fir un d'Motioun vum 19. Juni 2007 ze erënneren, wou mer och eestëmmeg hei an der Chamber d'Regierung invitéiert haten, aus der Annex Miersch vum Lycée vun Dikrech en eegestännege Mierscher Lycée mat engem komplette Studienangebot ze maachen.

An der Hoffnung, dass dës Motioun schonns fréi an der nächster Legislaturperiode an d'Realitéit ëmgesat gëtt, bréngen ech den Accord vun der grénger Partei zu deemem Gesetz.

(*Interruption*)

» **M. le Président**.- Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass dann den Här Mehlen aus dem Osten.

» **M. Robert Mehlen** (ADR).- Jo, richtig, Här President. Merci fir d'Wuert. Ech sinn aus där Gefor eraus, fir a Lokalpatriotismus ze verfallen.

Mir begreissen dat Gesetz hei, mir wäerten et och stëmmen. Et besteet eng Nofro, an et soll een där Nofro och nokommen. Ech wëll hei dem Rapporteur Merci soen. Hien huet eis erkläert, ëm wat et geet, duerfir brauch ech net méi dorop anzegoen.

Ech wëll awer hei e puer grondsätzlech Saache soen, déi méi oder wéineger an déiselwecht Richtung gi wéi dat, wat den Här Adam elo gesot huet.

Mir ginn allerdéngs an eisen Iwwerleeungen e bësse méi wäit, an deem Sënn, datt mer och am Secondaire eis kéinte virstellen, datt d'Établissementer wesentlech méi Autonomie misste kréien. Mir fannen et och net normal, datt een esou en Exercice wéi deen heite muss per Gesetz regelen, datt eis Ver-

fassung esou restriktiv ass, datt mer effektiv müssen iwwert de legislative Wee goen.

Dat ass net normal, datt passt och net an eis Zäit, wou ee muss flexibel sinn, wou een am Fong geholl all Dag mat neie Problemer konfrontéiert ass a vill méi séier a vill méi flexibel op déi nei Eerausforderunge muss kënnen reagéieren.

Mir stellen eis och en Enseignement secondaire vir, wou keen Ënnerscheed, keen äusserlech sichtbaren Ënnerscheed méi ass tëscht Classique an Technique.

Mir hunn de Moien diskutéiert am Kader vun der Analys vun dem „Girls' Day - Boys' Day“, der Orientéierung vun de Kanner an engem bestëmmten Alter a gewësse Beruf, a mir hunn do missen erëm eng kéier zu Kenntnis huelen, datt grad déi technesch Beruffer als mannerwäerteg dobausse considéiert ginn. Da soll een net higoen an och nach iergendwéi doduerch, datt een eng nette Distinction mécht, dat dobaussen och nach iergendwéi esou affichéieren. Ech weess, datt keen heibannen ass, deen dat géif ënnerstëtzen, mä leider ass et an der Perception vun de Leit dobaussen nach ëmmer esou, a mer müssen alles maachen, fir deem entgéintzewierken.

An duerfir géif ech och mengen, et wär gutt, wann ee generell géif op dee Wee goen - ech mengen, meng Virriedner hunn dat jo och scho gesot -, datt een an Zukunft keng Lycées techniques a classiques méi hätt, mä datt een tout court Lycéeën hätt, an datt een dat, wat een do enseignéiert, dann halt un deem ausriicht, wat déi reell Demande ass, souwäit wéi een deem natierlech kann nokommen. Et kann ee jo net, wann zwee, dräi Schüler an enger gewësser Spezialisatioun gären en Enseignement hätten, jo dann dofir eng extra Klass opmaachen. Mä mir fannen, datt et noutwendeg ass, datt een dat ofschaaft.

Ech mengen, déi lescht kéier hat den Här Oberweis och hei opgeworf, datt ee soll d'Dénominatioun vun de Klassen, dat heescht, datt mer am Classique vun der Septième op Première fueren an am Technique ëmgekiert, datt een dat och soll eenheetlech gestalten, well et awer iergendwéi nobaussen eng Distinction affichéiert an och deelweis eng Dénigratioun vun deenen, déi am Technique sinn.

Mir stellen eis och vir, datt ee während zwee Joer, well d'Kanner aus ganz ënnerschiddleche Schoule kommen, e Genre Tronc commun géif maachen, datt een e vill méi modularen Unterrecht erabréngt, wou ee vill méi op déi eenzel Besoinë vun de Schüler kann agoen, op ënnerschiddlechen Niveaue kann eenzel Fächer enseignéieren. Dat heescht, déi Staark maximal fuerderen a förderen, ouni brauchen op déi méi Schwaach ze waarden an ouni déi Schwaach dobäi ze iwwerfuerderen, an ëmgekiert deene Schwaachen en Enseignement kënnen ubidden no hirem Besoin, ouni datt déi Staark sech langweilen an iergendwou dann op der Streck hänke bleiwen, well si iergendwou awer eng kéier d'Fleem kréien.

Här President, mir fannen - an dat géif dat och erlichteren -, datt mer an der berufflecher Orientéierung enorm Efforté musse maachen an datt, wann een déi zwou Richtungen géif zesummebrénge, och méi Facilitéte géife bestoen, eng besser Orientéierung ze maachen an op där anerer Säit méi Passerellen ze bauen, an deem Fall wou deen een oder anere Schüler eng aner Direktioun wëllt aschloe respektiv sech a gewëssene Fächer méi staark géif entwéckelen an him domadder aner Méiglechkeete géifen opgoen.

Dëst Gesetz ass natierlech nach wäit vun där Zilsetzung ewech. Mir wësse vun der Intention vun der Regierung, fir och de Secondaire, wann et da soll déiselwecht Regierung sinn no de Wahlen, wat vill heibannen net hoffen, datt,...

(*Interruptions*)

...wann déiselwecht Leit da sollten um Pouvoir bleiwen, datt si och do wëllen eng Reform maachen. Ech hoffen, wann dat da soll sinn, datt déi Reform besser gléckt wéi déi vum Primaire.

Dëst Gesetz mécht e klenge Schrack an déi Richtung, an duerfir wäerte mir et stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien.

» **M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Nom Här Mehlen ass d'Lëscht ofgeschloss. Elo kritt d'Regierung d'Wuert. Madame Unterrechtsministerin Mady Delvaux.

(*Brouhaha général*)

» **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President,

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur a menge Virriedner Merci soen. Et ass e klengt Gesetz, zwee Artikelen, mä ech hu rar esou eng Begeeschterung an esou eng Freed hei an der Chamber erlieft wéi haut de Mëtteg, an duerfir freeën ech mech och iwwert de Konsens vun all den Deputéierten.

Ech mengen, de Mamer Lycée kritt den Numm geännert an e kritt e Cycle supérieur. Ech ginn all deene Riedner Recht, déi soen, am Fong wär et net néideg gewiescht, dofir e Gesetz ze maachen, wa mer awer eng aner Verfassung hätten an aner Gesetzzer hätten, well an der Zukunft... Mir hu jo, wat den Numm ugeet, ee Gesetz gestëmmt, dass an Zukunft all d'Lycéeën einfach Lycée heeschen, an net méi en Ënnerscheed maachen zwësche Lycée a Lycée technique, mä vu dass beim Mamer Lycée awer nach am Gesetz den Numm steet „Lycée Technique Josy Barthel“ musse mer en och iwwer Gesetz änneren. Dat ass awer och eng freedeg Geleeënheet, fir hei eng kéier iwwert de Mamer Lycée ze schwätzen, an duerfir denken ech, et huet och seng gutt Säiten.

Mir hunn, ech mengen, déi Iwwerleeung ofgesi vun de Wënsch do vun de Buergermeeschteren, ech wosst net, dass et der... Mamer, Bartreng, Habscht, an - ech weess net - déi ganz Lëscht, déi do scho laang gären e Cycle supérieur hätten, wëll ech soen, dass d'Iwwerleeungen awer och sinn, dass mer musse méi Lycéeën, déi de Cycle inférieur classique hunn, d'Méiglechkeet ginn, fir e Cycle supérieur ze maachen. Mir hätte jo gär, dass méi jonk Leit sollen op Première kommen, mir müssen d'Zuel vun eise Primaner erhéijen.

Mir hunn eng relativ breet Offer am Cycle inférieur, an da gëtt et natierlech enk, wann déi sech alleguer verdeele müssen op déi puer Lycéeën, déi e Cycle supérieur offréieren. Duerfir sinn ech der Meinung, dass mir an déi Richtung musse weiderfueren, fir Cycles supérieurs an anere Lycéeën duerch d'Land ze offréieren. Ech leeë mech haut net fest op Nimm.

De Mamer Lycée eegent sech gutt derfir, well zu Mamer hu mer Plaz. Ech mengen, et ass e Gebai, wat grouss ass, an den Direkter vu Mamer seet mir, dass Plaz ass. Et ass also net, dass mer müssen ausbauen, fir dee Cycle supérieur zu Mamer ze offréieren. D'Infrastruktur si flott, an ech freeë mech fir d'Schoul, well fir mech ass de Mamer Lycée eng dynamesch Schoul, et ass eng Équipe, déi sech immens engagéiert. Mamer ass ee vun deene Lycéeën, déi PROCIs-Klassen hunn, vun Ufank un, a mir hu jo bei PIRLS erausfonnt, dass d'PROCIs-Klassen eigentlech gutt ofschneiden an eng Avance hunn op aner Schoulen.

An da gëtt et eppes, wou ech mech säit zwee Joer immens freeën - ech maachen dann nach e bësse Reklamm fir eppes, wat och näischt direkt mam Mamer Lycée ze dinn huet -, mir maache säit zwee Joer e Concours an de Sciences naturelles, well et gëtt um europäeschen Niveau e Concours, deen heescht EUSO, an dat ass den europäesche Concours an de Sciencen. Do mécht Lëtzebuerg säit enger Rei Jore mat, a säit zwee Joer maache mer Éliminatoiren hei zu Lëtzebuerg, fir dann ze décidéiere wien därer op den EUSO-Concours goen.

Deen hu mer also, wéi gesot, fir d'zweet dëst Joer gemaach - dat ass fir Schüler vu 15, si därferen net méi al wéi 16 Joer sinn -, an zweemol hannereneen hunn d'Schüler aus dem Mamer Lycée dee Concours gewonnen, esou dass ech soen, et ass eng Schoul wou geschafft gëtt, déi sech drugëtt - där ginn et natierlech nach vill anerer am Land -, si hu Plaz, also freeën ech mech fir si an ech wënschen hinne bonne chance bei der nächster Rentrée.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien.

» **M. le Président**.- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5909. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5909³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5909 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par

4. 5877 - Projet de loi relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Pollueur-payeur, dee Prinzip gëtt definitiv zum Standard an der Ëmweltlégislatioun mat der Ëmsetzung vun der Direktiv 2004/35/CE a Lëtzebuerger Recht duerch de Projet de loi Nummer 5877 vun haut. D'Gesetz iwwert d'Responsabilité environnementale transposéiert a Lëtzebuerger Recht dës europäesch Direktiv. An der Ëmwelthaftung kënn't et also ab elo zu enger grondleeënder Verännerung vun der Rechtssituatioun, wou de Prinzip vum Pollueur-payeur zur Regel gëtt.

Et ginn dräi grouss Kategorië vun Ëmweltschiedzonen definéiert. Éischstens, d'Schied- a Schutzzone wéi Habitatzonen, Biodiversitéitsschutzzonen an esou weider. Zweetens, Schied déi d'Grondwaasser affektéieren, an drëttens, Schied déi de Buedem affektéieren a schwéier Inzidenzen op d'Gesondheet vum Mënsch hunn, an awer och Biedem, déi grouss Schied an deenen ënner Punkt eent genannte Schutzzone verursaachen.

Bemierke wëll ech dobäi ausserdem nach, dass nieft de Schutzzone vun engem intercommunautären Intérêt, zousätzlech och déi national a kommunal Naturschutzzonen derbäikommen. De Grondgedanken ass deen, dass net deen ekonomeschen oder gesondheetleche Schued, deen engem aneren entsteet, kompenséiert gi muss, mä am Mëttelpunkt steet d'Preventioun an d'Kompensatioun, fir Schied un der Ëmwelt ze verhënneren.

Dëst ass deen éischte Gesetzestext, deen eng duergängeg Linn huet, no där derfir gesuergt gëtt, dass éischstens Ëmweltschied verhënnert ginn, zweetens Responsabilitéiten iwwerholl ginn, wann eppes passéiert ass, an drëttens Mesurë geholl gi fir Schied nees ze reparéieren an d'Käschte wa méiglech vum Responsabele vum Schued och iwwerholl ginn.

Ze bemierken ass awer, dass dëst Gesetz sech net un all Ëmweltschied an och net un all Responsabele vun engem Ëmweltschued riiicht.

Zwou Kategorië vu Responsabele si beträff:

Éischstens, et handelt sech an éischer Linn ëm Betriber, déi am Allgemengen ënnert d'IPPC-Direktiv falen. Dat sinn an déi 40 Betriber, déi zu Lëtzebuerg doduerch beträff sinn. Déi hei besonnesch geféierlech Aktivitéite sinn an der Annex 3 vun der Direktiv opgelëscht. Als Fallbeispiller wëll ech déi Industriebetriber nennen, déi Schwéiermetaller oder Chemikalië fräisetzen. Hei ass de Grad vun der Ëmwelthaftung besonnesch grouss. An hire Fäll zielt d'Gesetz, onofhängeg dovun, ob e Betrib e Feeler gemaach huet oder net.

Zweetens, fir all déi aner Betriber, deenen hir Aktivitéiten net an der Annex 3 stinn, ass d'Gesetz nëmmen dann applicabel, wa vu Säit vum Exploitant e Feeler oder eng Négligeance gemaach gouf. D'EU-Direktiv léisst de Memberstaten an deem Punkt Spillraum. Si gëtt hinne d'Méiglechkeet, d'Entrepriseen aus der Annex 3 aus hirer Verantwortung ze entloossen, wa se ieren en Ëmweltschued verursaacht hunn, ouni awer e Feeler gemaach ze hunn, oder wann opgrond vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser zu deem Zäitpunkt de Risiko net ofzegesi war.

D'Auteure vum Projet de loi waren der Meenung, dass deen éischte Fall dem allgemenge Geescht vun der Direktiv géif widerspriecheen, an hunn dofir nëmmen eng Exceptioun virgesinn, wann d'Aktivitéit autoriséiert war an de Risiko net am Virus bekannt war. D'Ëmweltkommissioun begréisst dës Décisioun.

Et sief an dësem Kontext erwähnt, dass d'Berufschamberen dozou gedeelter Mee-

Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meischer, Roland Schreiner et Mme Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass d'Question avec débat vun Här Félix Braz iwwert d'Aféieren am ganze Land vun der Jobkaart. Den Här Braz huet d'Wuert.

3. Question avec débat N°41 de M. Félix Braz au sujet de la mise en œuvre au niveau national d'un système similaire à la «Jobkaart» de la Ville de Luxembourg

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. D'Stad Lëtzebuerg huet zën'tronn annerhallwem Joer op hirem Territoire eng Initiativ geholl am Beräich vum öffentlechen Transport, nämlech fir iwwert de Wee oder den Ëmwee vun enger sougenannter Jobkaart speziell Kontrakter mat eenzelne Betriber auszeschaffen, an domadder deene Betriber e spezifescht an op hir Besoinen ugepasstent an och verbëllegt Angebot unzebidden, fir dass d'Mataarbechter vun deene Betriber um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg de Bus kënne benotzen, natierlech mam Hannergedanken, dass déi Betriber de Bus, an d'Mataarbechter vun de Betriber de Bus verstärkt solle benotzen.

Dat ass am Moment, wéi gesot, eng Initiativ, déi vun der Stad Lëtzebuerg ausgaangen ass an déi nëmmen hei um Territoire selwer zum Droe kënn't. Ech hat de Minister Enn d'lescht Joer an enger Question parlementaire drop ugeschwat, ob et net ugeduecht wier, fir déi Jobkaart och op déi national Plattform vum RGTR ze iwwerdroen, an dann doduerjer dat Angebot do am ganze Land kënne unzebidden, net nëmme fir Betriber aus der Stad Lëtzebuerg, mä fir Betriber aus dem ganze Land, an och fir Fahrten iwwert dat ganz't Land.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De Minister hat mir doropshi geäntwert, e géif ufanks 2009 wëllen op deen dote Wee goen. Ech hunn dunn am Februar de Minister dorun erënnert, an ech ginn elo dervun aus, dass de Minister eis haut wäert kënne ukënnegen, dass dat, wat hie mir um Enn vum Joer an Aussiicht gestallt huet, och elo tatsächlech ka Realitéit ginn. Ech wier allerdéngs och frou, wann dee Wee an d'Aart a Weis, op déi d'Regierung geet, fir déi Jobkaart op den nationalen Territoire auszeweiden, dann och eng ass, déi déi Instrumenter, déi mer haut hunn, an déi mer eis ginn hunn, Stéchwuert „e-go“, kéint valoriséieren.

An zweetens dann och en Instrument ze schafen, wat och wierklech eng Perspektiv op Erfolleg huet. Ech wëll just rappeléieren, dass an der Stad Lëtzebuerg, bannent relativ kuerzer Zäit, eng ganz Rei, notament europäesch Institutiounen - d'Verhandlunge lafen elo mat der BEI, d'europäesch Kommissioun, d'europäescht Parlament, d'Cours de justice, och eng Firma wéi Price Waterhouse, d'Zithaklinik -, dat Angebot do schonn notzen.

Dat sinn tëschent 7000 an 9000 Leit, dat ass wierklech e ganz héije Chiffer, an et wier flott, wann ee wierklech kéint, wann een déi Ausweidung do mécht, op e Wee goen, dee wéi gesot den technesche Support vum

„e-go“ a seng prinzipiell Potenzialitéiten tatsächlech kéint zur Geltung bréngen, fir wierklech affinéiert Angeboter kënne ze maachen, a keen Angebot, wat nëmme mat der Strenz géif all Betriber dann awer d'selwecht behandelen. Mä ech si gespaant op dem Minister seng Äntwert, fir dann ze kucken op wéi ee Wee mer dann definitiv ginn.

» **M. le Président**.- Merci, Här Braz. Den Här Minister Lux huet d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports**.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den honorabele Kolleeg Félix Braz ass „just in time“ fir eng Presentatioun vun där Jobkaart, déi um nationale Plang „M-Pass“ soll genannt ginn an déi en Donneschdeg vum Verkéiersverbond virgestallt gëtt, also d'nächst Woch en Donneschdeg, an déi dann den 1. Mee soll a Kraaft trieden.

Ech wëll och direkt soen, dass d'Verspéidung fir d'Ëmsetzung vun där Iddi, déi ausgeet vun der Jobkaart aus der Stad Lëtzebuerg, virun allem domat zesummenhänkt, dass mer probéiert hunn och de Beräich vun de Frontalieren an deen „M-Pass“ do mat eranzekréien. Dat ass eis awer fir den éischte Worf net gelongen, esou dass also deen „M-Pass“ a senger éischer Form, à partir vum 1. Mee, zwar d'Méiglechkeet och fir d'Frontaliere gëtt hei am Land dovunner ze profitéieren, mä si awer fir den Zousaz vun der Grenz bis bei hir Heemecht nach mussen en zousätzlechen Ticket derbäi hunn.

Mä mir ginn d'Hoffnung net op, dass mer an der Diskussioun, déi mer féieren, am Rahme vun engem Interreg-Projet, an engem iwwerregionale Verkéiersverbond och all déi Problemer, déi sech iwwerhaapt am Tarifberäich stellen, eng Kéier an de Grëff kréien. Ech weess, dat ass schonn eng laang Story, un där mer amgaang sinn ze schaffen. Dës Kéier ass et virun allem gescheitert mat der SNCF, wou et net méiglech war, jiddefalls net an deenen Zäiten, déi mer eis gesat hunn, fir dat kënne ze maachen.

Dat, wat mer elo proposéieren, en Donneschdeg, muss natierlech och nach am Tarifreglement vum öffentlechen Transport ageschriwwe ginn. Vläch't ass dat och eng Geleeënheet, och déi Modalitéite vun der Jobkaart hei um Niveau vum Territoire vun der Stad Lëtzebuerg do mat eranzehuelen. Dat wäert also och direkt hannendru geschéien. Jiddefalls hunn déi eenzel Opérateuren alleguer, am Rahme vum Verkéiersverbond, hiren Accord prinzipiell Enn des Joers scho ginn, fir an déi Richtung ze goe wéi mer et elo proposéieren.

Ech wëll elo net am leschten Detail de Konzept, wéi e vum Verkéiersverbond proposéiert ginn ass a wéi ech en och ugeholl hunn, hei erläuteren, mä ech mengen, dass et eis virun allem drëm geet all deene Betriber - wou mer natierlech wäerten eng hefteg Werbung maachen, fir dass se a Kontakt friede mat dem Verkéiersverbond fir esou Ofkommen ofzeschléissen -, awer net nëmmen dat hei unzebidden, mä hinne och ubidden, dass mer bei jiddwerengem och eng Analys vun der Situatioun maachen, Betrib fir Betrib.

Ech mengen, dat ass zum Deel och hei an der Stad Lëtzebuerg geschitt. Ech wëll dat grousst Wuert vu Mobilitéitsmanagement net ze vill gebrauchen, mä ech mengen, et geet e bëssen drëm awer ze kucken, wou kommen är Leit hier, wéi schaffe se, gëtt et do Saachen, déi ee kann änneren, fir zu enger besserer Mobilitéit an zu enger besserer Benotzung vum öffentlechen Transport ze kommen?

Mir wëllen an dem Angebot dervun ausgeen, dass mer zwee Kritäre wëllen uwenden, fir den „M-Pass“ dann un déi eenzel Leit weiderzeginn. Déi zwee Kritäre sinn, dass e Minimum vun 10% vun der Belegschaft soll matmaache bei dem Projet, oder awer, bei deene klengen Entrepriseen, dass ee weinstens zéng Persounen huet, déi matmaachen. Dat sinn also zwee Kritären, déi wichteg sinn, a mir wëllen och bei dem Tarif, deen elo erauskënn't, deen dann dégressiv ass, och natierlech de Betriber roden, fir sech finanziell och ze bedeelegen.

Hei um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg ass dat e bësse méi einfach, do iwwerhëlt de Betrib einfach de Käschtepunkt, an et ass opgrond vu Comptagen hei an der Stad Lëtzebuerg méiglech dann eng Rechnung auszeschreiwen, wann ech dat esou ka soen. Um Niveau vum nationale Plang ass dat e bësse méi schwéier. Mir wëllen dat „e-go“-kompatibel maachen, mä wéi gesot, an enger éischer Phas ass et méi schwéier, fir et schonn op deem Niveau kënne ëmzerechnen, esou dass dee Präis, deen Tarif, dee mer elo wäerte froen, engersäits ofhängeg

ass vun enger absoluter Zuel vu Leit déi matmaachen, oder awer engem Prozent-saz.

Ech wëll nëmmen ee Beispill ginn: Den Ticket, de Joresabonnement am öffentlechen Transport ass am Moment 400 Euro d'Joer, a bei enger Entreprise, wou d'Halschent a méi vun de Leit matmaachen, geet de Präis da vu 400 Euro erof op 256, wat also schonn eng substanziiell Verbesserung ass par rapport zu elo. A mir wäerten natierlech, wéi gesot, och d'Recommandatioun ginn, dass d'Betriber hei och nach en Deel mat dobäi iwwerhuelen, d'Halschent iwwerhuelen, en Drëttel iwwerhuelen, fir wierklech zu engem ganz kompetitive Präis pro Joer kënne ze kommen.

Et ass also dat, wat mer proposéieren. Wéi gesot ass dat am November vum Verkéiersverbond och esou ugeholl ginn. Mer haten duerno déi Diskussiounen iwwert de Beräich vun de Frontalieren. Do bleift et derbäi, si kënne den „M-Pass“ kréien, mä wéi gesot, si mussen dann nach, en attendant, dass mer endlech eng eenheetlech iwwerregional Tarifstruktur hunn, deen Zousaz maachen, mä och fir déi rentéiert et sech fir deen Zousaz dann ze profitéieren an, wéi gesot, d'Date-délai wou de Prinzip soll ugoen ass den 1. Mee.

» **M. le Président**.- Erlaab't Dir, Här Minister, eng Zousazfro vum honorabelen Här Braz?

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Esou wéi d'Reglement et och virgesäit. Et ass just eng kleng Zousazfro, déi ech un de Minister stellen: Heescht dat, dass de Wee op deen Dir gitt, an enger éischer Phas nach net iwwert déi rechargeabel „e-go“-Tickete fonctionnéiert, mä am Fong méi eng Remise duerstellt op enger bestëmmter Quantitéit vun Ticketen?

Ouni elo all d'Detailer ze kennen, géif ech dat awer spontan éischer schued fannen, well ech menge mir hunn den „e-go“ mat ganz vill Opwand... an ech wëll déi Debatt elo net nach eng Kéier relancéieren, mä dee muss awer elo, och bei esou Saachen, weise wat e kann.

Wa mer elo awer erëm eng Kéier just an de Beräich vun enger linearer quantitativer Remise ginn, bei enger bestëmmter Unzuel Ticketen, dann, mengen ech, hätte mer do awer net all Potenzial genotzt, wat mer hätten. Mir kéinte jo awer mam „e-go“ wesentlich méi feinrasteresch Angeboter ubidden. Et ka jo net sinn, dass den „e-go“ dat net kann.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports**.- Ech mengen, dass eng vun de Schwächten ouni „e-go“, par rapport zum System vun der Stad Lëtzebuerg, eben déi ass, dass an der Stad Lëtzebuerg dat vill méi einfach opgrond vu Comptagen auszurechnen ass an esou virun, wéi vill Leit matmaachen. Duerfir muss den „e-go“ hei genotzt ginn.

Mä well et drëm gaangen ass virun ze maachen, well mer dat, wéi gesot, virgesinn hatten Ufank 2009 anzeféieren, hu mer et elo den 1. Mee gemaach, fir emol mat all deene Betriber a Kontakt ze kommen. Mä et ass kloer, dass den „e-go“ hei als Potenzialitéit genotzt muss ginn. Wéi schnell dat ka goen, kann ech lech net soen, mä op jiddwer Fall soll et schnell goen, fir et ze notzen, fir dass mer eng genau Berechnung kréien, wéi vill Leit matmaachen.

Ech mengen, wa mer mat all eenzel Entreprise eng Konventioun maachen, wësse mer, wat fir eng Leit wierklech matmaachen, wéi vill Leit matmaachen, wéi vill Leit och en Ticket ausgestallt kréien. Ech mengen, am Géigesaz zu deem, wat an der Stad Lëtzebuerg gelaf ass, wou d'Stad Lëtzebuerg den Ticket un den Utilisateur weidergëtt, gi mir d'Tickete weider un d'Entrepriseen, déi am Prinzip Propriétaire dovunner sinn, esou dass, wa Leit aus dem Betrib erausginn, am Prinzip de Betrib deen ass, deen den Ticket huet, während et an der Stad mat engem einfache Badge duergaangen ass, zum Beispill bei den europäeschen Institutiounen mam Badge vun der EU, fir dee virzeweisen. Mä an alle Fäll muss den „e-go“ genotzt ginn, fir dass mer hei dee System do a senge Potenzialitéite ganz kënne notzen.

» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass de Projet de loi 5877 betreffend d'Ëmweltschied. Den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Mehlen hu sech ageschriwwen als Riedner, an d'Wuert huet elo nach eng Kéier den honorabelen Här Negri.